



D'Liane ass ee Stater Meedchen, a wunnt mat hirem Mann dem Patrick, an hiren 2 Jongen Tom a Sam zu Gonnereng.

## Liane Coljon-Hames Harfenistin

Hire Papp, de Nico Hames war Dirigent bei verschiddene Chorallen, an sou koum et dass d'Liane an hir Schwëster mat a Prouwe gaange sinn, deels fir matzesangen, deels fir d'Chorale mat 16 Joer um Piano ze begleeden.

D'Liane huet effektiv mat Piano ugefaangen, mee opgrond vun enger Annonce am Conservatoire, huet d'Liane en anere Wee ageschloen. An der Annonce stoung, dass sollt eng Klass fir Harf opgoen, wou een sech dierft mellen sou Konditioun dass ee kéint Piano spillen. Vu dass d'Liane onbedéngt eppes Extraes wollt léieren, war dat hei déi Geleeënheet: Harf dat wier dach eppes.

Hir Proff war d'Charlette Boulet, déi deemools am RTL Orchester gespilt huet.

Sou een handlecht Instrument wéi d'Harf da nu mol eent ass, an esou deier wéi esou eng Harf kascht (De Präis fänkt bei 20.000€ un), huet d'Liane mol eng ganz Zäit op der Harf am Conservatoire geprouft.

Mee vun do war et nach ee wäite Wee bis zur professioneller Musekerin.

Eigentlech wollt d'Liane Infirmière ginn an an Afrika bei Kanner schaffe goen. Mee op Première huet si sech et anescht iwwerluecht. (Vläch war d'Liane och virwëtzeg gemaach ginn duerch hir Schwëster, di zu Bréssel Solfège an Harmonie studéiert huet.)

D'Liane war decidéiert fir Harfenistin ze ginn. Parallel zu de Couren zu Bréssel um Conservatoire Royal, wou si ugangs theoretisch Fächer studéiert huet, huet si weider Coure bei der Madamm Boulet am Conservatoire an der Stad beluecht, an do de prix de capacité an der Harf gemaach, duerno zu Bréssel den 1.Präis am Solfège am Conservatoire Royal, an den 1.Präis beim Suzanna Mildonian an der Harf.


Des Proff war eng richtig bekannten Harfenistin. Si hat den 1.Präis vun Israel an eng sellechen aner grouss Concourse gewonnen.

No Bréssel hat d'Liane Loscht nach eppes Neies kennenzelieren, eng nei Aart a Weis fir un d'Harf erunzegen. Si ass op Antwerpe bei d'Chantal Burie an d'Klass komm, eng franséisch Harfenistin, déi d'Liane am meeschte markéiert huet, well si hir ganz nei Interpretatiounsméiglechkeete fir dëst Instrument gewisen huet. Bei hir huet d'Liane de prix supérieur gemaach.

Hire Mann e Patrick, deen och professionelle Museker ass, (de Patrick spillt Cor am OPL), huet si mat 20 Joer am Conservatoire an der Stad an der Kantin kennegeléiert.

Tjo, an op dëser romantescher Platz sinn si zwee sech méi nokomm.

Eng musikalesch Famill, just hir Jonge Sam an Tom hunn et méi mam Sport. Mee dat ass gutt esou. Jidderengem senges.



D'Liane huet no der Schoul ugangs zu lechternach an der Museksschoul Solfège, éveil musical an Harf enseignéiert, an huet parallel dozou an der Stad am Conservatoire Coure gehalen.

Eng Zäit duerno ass si Proff fir Harfen am Stater Conservatoire ginn.

Tjo di Harf. Wat ass dat dann eigentlech fir een Instrument?

Di lénks Hand spillt op der lénker Säit di déif Tén, an di riets Hand spillt op der rietser Säit di héich Tén.

47 Säite ginn et am ganzen (Eng keltesch Harf huet der z.B. just 25)

Hallef Tén spillt een (net wéi beim Piano op de schwaarzen Tasten, well der gött et jo keng op enger Harf), mee mat de 7 Fousspedallen, wouvunner op all Pedall esou wuel de bemol, de béquarre an den dièze gespillt ginn. Et ass ee scho gefuerdert déi zwou Hänn verschiddearteg ze beweegen, an zousätzlech och nach d'Pedallen ze bedéngen. A genee esou opwendeg ass och d'Partitur, wou ee parallel di 3 (lénks riets, Fouss) muss liesen. Pedalle ginn téschent di 2 Zeile geschriwwen.

D'Liane huet aus hirem Hobby hire Beruff gemaach.

D'Bloderen an den Houf, di een duerch dat villt Spille kritt, sinn Niewesaach.

Spillen ass herrlech, mee d'Schaffe mat Kanner, Jonken an Erwuessenen ass och eppes Formidabeles.

D'Liane erzielt, dass si ëmmer méi och d'Roll vun der Vertrauenspersoun fir di Jonk gött, déi sech bei hir ausschwätzen, an da ganz dacks am Spillen hir Emotiounen kënne verschaffen, a fir dee Moment vergiessen.

Nieft de musikaleschen Tuyauen, ginn d'Rotschléi fir d'Liewen och ëmmer méi wichteg. D'Relatioun zum Schüler spillt eng grouss Roll, an d'Liane freet sech driwwer, dass si nach ëmmer Kontakt zu ganze ville Schüler huet, déi méttlerweil op der Uni sinn. Fantastesch ass et natierlech wann ee selwer Schüler erausbréngt, di et da ganz wäit bréngen. Sou wéi z.B. d'Dina Nimax, déi elo de Bachelor an der Harf zu London mécht, an dem Liane seng Schülerin scho mat 5 Joer war.

Dorobber dierf een als Enseignant natierlech mat Recht houfreg sinn.

Liane, Merci fir eist interessant Gespréich, ech hu vill bäigeléiert, a Merci fir dee wonnerbare musikalesche Moment, deen sech leider net op Pabeier hei reproduzéiere léisst.

Wien sech wieder wëll renseignéieren iwwert d'Harfspielen, deen dierf dat gäre maachen beim Liane op [coljonliane@gmail.com](mailto:coljonliane@gmail.com)



Françoise Hetto-Gaasch

Kulturschäffen